ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. Februar 2022

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

An der internationaler Fachpress war rezent ze liesen, datt d'Pilote vu Qatar Airways sech doriwwer beschwéiert hunn, datt d'Fluchgesellschaft souwuel hir Déngschtzäiten illegal erofrechent wéi och hir Mindest-Rouzäiten net anhält. Sou ginn z.B. hir inaktiv Zäiten u Bord vum Fliger, entgéint den EASA-Regulatiounen an aneren internationale Reegelen, vun den Déngschtzäiten erofgerechent. Als Konsequenz falen hir Rouzäiten, déi sech a Funktioun vun den Déngschtzäite berechnen, dann och méi kuerz aus ewéi dat gesetzlech virgesinn ass.

D'Pilote schwätze vu katastrophalen Zoustänn, wat d'Middegkeet bei den Equipagen ugeet, an datt et gängeg ass, datt d'Pilote wärend dem Fluch, an an Eenzelfäll esouguer wärend dem Landeufluch, ageschlof sinn. Laut der Noriichtenagence Reuters krut ee Pilot, op engem Fluch vun iwwer annerhallwer Stonn, just 3 Minutten als Déngschtzäit ugerechent. Weider heescht et, datt een Iwwerschreide vun de maximalen Déngschtzäite pro Mount dacks ëm 15% oder méi üblech ass.

All Kritik vu Mataarbechter vis-à-vis vun der Airline gëtt mat direkter Entloossung quittéiert. Dës extreem repressiv Attitüd géintiwwer de Crewe féiert dozou, datt kee sech traut, d'Mëssstänn bannent der Airline unzeschwätzen an duerch offiziell Rapporten, wéi dat an där Branche üblech ass, ze kritiséieren. D'Qatar Civil Aviation Authority (QCAA) hält sech bedeckt a gëtt kee Kommentar zu de Reprochen.

An dësem Kontext stellen ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi vill Flich huet Qatar Airways pro Woch op Lëtzebuerg?
2) Wär et bei esou gravéierende Sécherheetsmängel aus nationale Sécherheetsgrënn an och zum Schutz vun den Awunner an der Zone d'approche vum Findel net absolutt noutwendeg, Qatar Airways hir Iwwerfluchs- a Landerechter mat direkter Wierkung ze entzéien?

3) Sinn hei finanziell Strofe virgesi wéinst illegalem Wettbewerbsvirdeel géintiwwer der Konkurrenz (z.B. der Cargolux), dee Qatar Airways doduercher hat, andeems se hir Crewe méi laang wéi erlaabt fléie gelooss huet?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742